

Evangelium vum 2. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

Joh 1,35-42

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*

A. *Dir all Éier, Här.*

35 De Johannes stoung mat zwéi vun senge Jünger beim Jordan, wou hie gedeeft huet.

36 Hien huet op de Jesus gekuckt, dee laanschtgoung, a sot: "Kuckt, d'Lamm Gottes!"

37 Nodeems dem Johannes seng zwéi Jünger héieren haten, wat hie gesot hat, sinn si dem Jesus nogaang.

38 Wéi de Jesus sech ëmgedréit a gesinn huet, datt si him nokoumen, huet hien si gefrot: "Wat sicht dir?" Du soten si zu him: "Rabbi" – dat heescht iwwersat: Meeschter –, "wou wunns du?"

39 Hie sot zu hinnen: "Kommt a kuckt!" Si sinn also dohigaang an hu gesinn, wou hie gewunnt huet, an si sinn deen Dag bei him bliwwen; et war ëm déi zéngt Stonn.

40 Den Andreas, dem Simon Péitrus säi Brudder, war ee vun deenen zwéin, déi dem Johannes nogelauschtert haten an déi dem Jesus du nogaang waren.

41 Hien ass fir d'éischt sengem Brudder Simon begéint a sot zu him: "Mir hunn de Messias" – dat heescht iwwersat: de Christus – "fonnt!"

42 Dunn huet hien de Simon bei de Jesus gefouert. De Jesus huet de Simon bekuckt a sot: "Du bass de Simon, dem Johannes säi Jong; du solls Kephas" – dat heescht iwwersat: Péitrus [Fiels]ⁱ – "genannt ginn!"

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*

i "Petros" (Péitrus) kënnt vum griichesche Wuert "petra" (Fiel).